



E Commis-Vogayeur.

Fléck, e Schneider, ass mat sengem Gesell Pitt am Atelier. Fléck stêt beim Desch ze bigeln, Pitt setzt op engem aneren Desch d'Fosch-fiédem eraus ze ze'en.

Fléck: Dajé, Pitt, huos de d'Fiédem nach net aus dèr Box eraus? Ech hätt s'an dèr Zeit schons gezrass!

Pitt: En Ablack, Méschter, hei hun ech ê vun engem Meter lâng. Wann ech emol Méschter sind . . .

Fléck: Du? Ges senger Liewe kê Méschter! Fullefânkert! E Méckejär! Ha! Fir e Méschter ze gin muss ên aner Naupen hun we's du!

Pitt: Ech schaffen dach emmer!

Fléck: Nu räsonne'er net vill, soss . . .! Du göss schons vill ze steif. E Schneider brauch net so' deck ze sin.

Pitt: Der huot recht, Méschter, ech spieren, dat Setzen ass mir net gutt.

Fléck: Wär d'Leien der besser?

Pitt: Verstitt mech gutt. Ech mengen, ech hätt besser dat Handwîrk ze stiéchen, an . . .

Fléck: a Rentier ze spinnen . . .?

Pitt: Nên, et wär èppes, wat mir apart gutt ging!

Fléck: Zockerbäcker?

Pitt: Nên, am allerle'fste wär ech Commis-voyageur.

Fléck: Fir mat ferdeg Knäplächer ze résen?

Pitt: Mâcht de Spott net. Dat ass e sche'ne Beruf.

Fléck: Kuck, Pitt, wanns du eng Ke'er Commis ges, da gin ech Popst.

Pitt: Dir könnt neischt soen, Méschter! Ei, durech d'Land ze rullen an d'Schneideren ze beschwindelen!

Fléck: Do hu mir et jo! Kuck, Pitti, eidel Spullen, Lompen, gebrache Nôlen a Spengeln, âl Bitzmaschinen, dat wären eso' Artikelen mat dénen ass du vif a licht en Hèr ge'fs! (Et klappt un der Dir.)

Fléck: Entrez!

Schick: (e Commis-voyageur, kent eran mat zwe'n deck Koffren an der Hand.) Bonjour, Monsieur Fléck, a we' gêt et iech dann?

Fléck: Ech danke! Merci! Dann huot Der d'Ke'er och erem!

Schick: Meija! Mir hun de' nei Saisonsartikele kritt. Wonnersche'n Sâchen! Wann der erlabt, pâcken ech emol aus.

Fléck: Ir Der elo auspâckt, soll der wössen, dass de' lëscht Sendong net zuvill gro'ssarteg ausgefall war!

Schick: O! O! O! A we' dat dann, Hèr Fléck!

Fléck: Onse Pitt hat eng Box dervu kritt, an en huot se schons gezrass.

Pitt: Jo, Hèr Commis, kuckt emol! Wann ech Commis wär . . .

Schick: Gewess, gewess, wann ên eso' iwert d'Descher rutscht, da ge'f Liéder zreissen. Ech menge, Pitti, du huos s'express gezrass! Pitti! Pitti!

Pitt: Méschter, dat do ass dèr ên, we' der gesot hat!

Schick: Ech? Fömmen de' Hèren eng Zigarett? (récht en den Etui — sie stiéchen se hannert d'O'er.)

Fléck a Pitt: Merci, Hèr Schick!

Schick: Solle mer dann nom Geschäft kucken? Wann ech geliftt, hei hu mer en Dessin, so' hun ech engem Schmèlzhèr e Costüm verkraft.

Fléck: Brauche mir net.

Schick: Aha! An hei hu mer dat Feinst vum Feinsten, modern an distingue'ert, den Hèr Staatsminister . . .

Fléck: Dèr hu mir och këng hei!

Schick: Bien! Très bien! Lo weisen ech iech meng Spezialite't: en Dessin dén zitt we' Zocker. Direktren a Professeren . . .

Fléck: Dat sin eiser Leit këng!

Schick: Wat fir Leit huot der dann eigentlech hei?

Fléck: Ons Konne wölle sche'n a gutt a bölleg kafen, èppes wat net schmotzt a net zreisst, an dat eso' no engem Joer ere'scht bezuolen.

Schick: O mir hun allerhand, mir wèrde schons dat richtegt fannen! Kuckt iech emol det Muster! Dat verkafe mer 10 Frang bölleger we' et ons kascht, nemme fir d'Konkurrenz rosen ze mâchen.

Fléck: Dir musst awer net mengen dass mir èr Konkurrenz wären.

Schick: Neischt! Neischt! Kaft nemmen! Kaft, mir gin et jo gèr! An dat gefällt iech net? Dat ass jo ganz interessant, mais, wèll ech iech gutt wöll, ge'f ech iech et nawell 5 Frang bölleger.

Fléck: Lo kann et nun awer neischt me' sin!

Schick: O wat sit dir e Schellem! Abé, da friet emol dat hei, de' rengst Woll, an den Dessin! We'?

Fléck: Et könnt nach me' deck sin!

Schick: Ah, me' deck! Da friet dat hei!

Fléck: Jo, dat ass zevill deck!

Schick: Hèr Fléck, dir verstitt jo ganz vill vun de Stefter, mais bedenkt emol wat dat ass! 1000 m den Dag verkafen ech dervun! Mir brengen et net zur Zeit ferdeg! Ech könnt iech Bre'f weisen! Aus Amerika krut ech Schreiwas. Wann ech iech soen, dass mer a China liweren, da gléft der es net — — det Stoff . . .

Fléck: Et geseit ê Pareis derdurech!

Schick: Ah, dir hätt gèr gutt geschlosst! Da kuckt! Hei könnt der Wässer derdurech schedden.

Fléck: We' durech eng Seibecken.

Schick: Ma da kuckt emol, eso' eng Qualite't fand dir net me'! D'Militärmusek . . .

Fléck: Ka gutt blosen.

Schick: D'Militärmusek huot sech nei Costüme bestallt.

Fléck: Dann ass et secher neischt fir ons um Duoref. Ech sot iech jo wat mir brauchen. Dese Moment brauche mir — neischt.

Schick: Hèr Fléck, mächt mer nemmen eng Grimmelches klinzeg Bestellong.

Fléck: Brauche neischt.

Schick: Nemmen eng Dose Costümen.

Fléck: Neischt. Ech soe neischt. (Et schellt, de Méschter gêt an de Butek.)

Schick: (zum Pitti) So emol, we' ass dat, dass dei Méschter haut eso' krideleg a spatz ass?

Pitti: Ja, mei le'wen Hèr, ech wëss et net, en ass och eso' mat mir!

Schick: Gefällt et dir da net hei?

Pitti: O, et gefällt mer jo, mais . . .

Schick: Ja?

Pitti: Mais Commis sin, ass dach vill me' sche'n!

Schick: Sche'n! A wo' kanns du eso' èppes soen! Den Hals wond vu schwätzen, durech d'Land ze wänzeln bei Rén a Schne' a Wand, an dann d'Roserei! Kuck dei Méschter! Ass dat nu net fir ze baschten! A wat ê baschten dêt, dat ass, et darf ên emol net ze baschten, et muss ê nach lâchen . . .

Pitti: Ech wär awer eso' gèr Commis!

Schick: Arme Jong! Ha! (bedenkt sech) Kuck, wanns du mer hellefs, dass ech eng Bestellong vun dengem Méschter kre'en, dann denken ech un dech.

Pitti: O, ech ging eso' gèren mam Zug a mam Auto.

Schick: Hellef mer e beschen schwätzen . . .

Pitti: Ho, de Méschter get be's, wann ên de Mond obdêt, an et huot ê neischt ze soen! — —

Schick: Fèrt net, du geseis, ech fèrte jo och net.

Fléck: (kent erem) Alt erem dèr Cliangen ên: Sche'n a bölleg a gutt an net deier!

Schick: Lôsse mer emol an dém anere Koffer kucken. Ja wirklech, dir sit och geplot, Schneider sin, ass nach lâng net eso' lîcht — We' ass et mat de Boxeknäpp?

Fléck: Nach genug!

Pitti: Ma nén. Méschter, de' lèscht . . .

Fléck: Pitti, we' ass et mat de Foschfiédem?

Pitti: Gutt, gutt, Méschter, nach völleg, mais Boxeknäpp si kèng me' do!

Schick: Ma dann huolt alt eng Dose Gross!

Fléck: Ech soe jo, ech brauch kèng.

Pitti: Méschter, dat do sin awer sche'ner.

Fléck: D'Knäpp sin zo' — ferdeg.

Schick: An d'Blocken? Kuckt, e neie Modell, patent. Wann ech erem kommen, sin se schons vill me' deier. Soll ech en 50 Keschten note'er'en?

Pitti: Blocke brauche mer emmer.

Schick: Dat ass wo'er!

Fléck: Wien ass hei Méschter?

Pitti: Dir, Méschter, mais et si sche' Blocken . . .

Schick: A Bretellen, Huosebändeln, Zwir, Nolen, Spengeln.

Pitti: Nole, Méschter!

Fléck: Nê, Pitti.

Schick: Seid, Kreid, Meteren.

Pitti: Ei, wann ech Méschter wär!

Fléck: Lo pâckt der èr Sâche sche'n an, wèll ech bestellen neischt, gur neischt!

Schick: Also neischt. Mitt gâng, mitt geschwat fir neischt.

Pitti: Méschter!

Fléck: Nu nach ê Wûrt, an ech geheien der de Meter an de Kapp.

Pitti: Méschter . . .

Fléck: Häls du de Mond.

Schick: Ditt dem Jong neischt, soss . . .

Pitti: Ma da lauschtert Méschter . . .

Fléck: Wöls de, oder wölls de net.

Pitti: Ma dann do, ech wollt soen, ech hätt d'Fiédem eraus. (Werft em d'Box dur.)

Fléck: Ma da so et a schwätz! Dat kann ech net richen.

Schick: Abé, wann der mer neischt bestellt, da reissen ech iech eng!

Fléck: Dir mir eng reissen? A wat dann?

Schick: O, ech we'sst wat. Jé, bestellt èppes Klènges!

Fléck: Net fir en Centim.

Schick: Wann ech da ge'f e Costüm un iech bestellen, ge'f dir dann och nach neischt u mir bestellen?

Fléck: A eso'? Dat wöllt der mer reissen. Mir de Costüm net bezuolen. Nix da! Kê Costüm a kèng Bestellong.

Schick: Abé, da soen ech iech Beschêd: De Jong do gêt elo mat mir! Mâcht èr Arbecht eleng.

Fléck: Ass dat wo'er, Pitti.

Pitti: Jo, et ass wo'er. — Ech Commis!

Fléck: (helt de Meter) Da vif eraus mat iech allebe'd! Wien ass Mésch-ter hei? Da git elo se'er! Herrgott! An ech soen e kritt kèng Be-stellong! —

